

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetministesch an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Fir datt eist Land d'COVID-19-Kris beschtméiglechst iwwersteet an all Patient déi Hëllef kritt, déi e brauch, hu vill Dokteren an Zänndoktere spontan, mat vill Engagement a bis un d'Belaaschtungsgrenz geschafft. Am Hibleck op d'Drénglechkeet vun der Situatioun huet d'Regierung iwwert de Wee vun engem Reglement en *tarif horaire* opgestallt, no deem d'Dokteren remuneréiert sollte ginn. Et ass an deem Hibleck erschreckend, datt dës Doktere bis haut nach keen Cent fir hir wäertvoll Aarbecht kritt hunn.

An engem Bréif vun der Dokteschassociatioun AMMD vum 4. Mee heescht et, datt d'CNS dee vun der Regierung erstallten *tarif horaire* net validéiert, well dësen am Viraus net mat hinnen ofgeschwat gouf. Elo riskéiere eist Land an déi geféierlech Situatioun ze geroden, wou d'Dokteren zum Deel net méi bereet sinn, hiren Engagement weiderzeféieren, well hier Aarbecht net remuneréiert gëtt.

An deem Kontext géif ech gär folgend Fro un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt den *tarif horaire* net mat der CNS ofgekläert gouf? Wann nee, aus wéi engem Grond gouf dat net gemaach?
2. Ass d'Regierung der Meenung, datt et opgrond vun der Drénglechkeet vun der Situatioun elo un der CNS ass, den Engagement vun den Dokteren an Zänndoktere schnellstméiglech unzëerkennen an an deem Kader och dee vun der Regierung opgestallten *tarif horaire* unzëerkennen?

3. Wat gedenkt d'Regierung konkret ze ënnerhuelen, fir datt d'Doktere fir hir geleschten Aarbecht schnellstméiglech kënne remuneréiert ginn? A wéi engem zäitleche Kader ass mat der Ëmsetzung vun der Remuneratiounsprozedur ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding  
Deputéierten



Jeff Engelen  
Deputéierten